ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17. November 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister an un d'Madamm Integratiounsminister weiderzeleeden.

An der Gemeng Lëntgen suergt ee Projet fir Opreegung, an zwar esou, datt d'Gemengeverwaltung eng ganz Partie Leit ugeschriwwen huet, well si hiren Hänn kee Rot méi weess.

Et geet ëm e soziale Projet, nämlech d'Installatioun vun «Ateliers protégés» vum Tricentenaire an engem Ale Kaffi, deen d'Gemeng kaf hat. Do sollen an Zukunft eng 50 Leit, dovu ronn 40 Matmënsche mat enger Behënnerung schaffen. Duerfir bräicht et eng Parkplaz, allerdéngs op engem Terrain, deen an der Gréngzon louch. Den Ëmweltministär huet fréndlecherweis d'Etüd an d'Pläng fir eng ekologesch Parkplaz iwwerholl, mee d'Baugeneemegung refuséiert. D'Argument war, datt déi Parkplaz net d'"Utilité publique" wär (wéi zum Beispill eng Parkplaz fir e Vëloswee.

Dee Kritär vun der "Utilité publique" steet am Ëmweltschutz-Gesetz, dat nach net a Kraaft war, wéi d'Autorisatioun ugefrot gouf. A Récksprooch mat der Madamm Ministerin a fir de soziale Projet ze retten, huet d'Gemeng dorop d'Gréngzon am PAG ëmklasséiert. Allerdéngs krut si duerno e Refus vum Ëmweltministär, déi du mat der Opnam vum Terrain an de Bauperimeter net d'accord war.

Duerfir wéilt ech der Madamm Ëmweltminister an der Madamm Integratiounsminister dës Froe stellen:

1. Kann d'Madamm Ëmweltminister déi widdersprëchlech Reaktiounen aus hirem Ministär an dësem Dossier konfirméieren?
2. Ass d'Madamm Ëmweltminister der Meenung, datt Ateliere fir Mënsche mat enger Behënnerung keng „Utilité publique" hun an also net d'Zerstéierung vun engem Biotop an der Gréngzon rechtfertegen? Wéi ass hei d'Positioun vun der Madamm Integratiounsminister?
3. Wéini ass déi éischt Demande fir en ekologesche Parking an dësem Projet beim Ëmweltministär agaangen?
4. Wär de Parking no den Dispositioune vu virun dem Ëmweltschutz-Gesetz nach ze autoriséiere gewiescht?
5. War d'Madamm Minister sech bewosst, datt den Terrain fir dëse Parking op hire Rot an de Bauperimeter geholl gouf, esou datt hie bei entspriechender Kompensatioun an ouni seng „Utilité publique" mussen ze beweisen hätt kéinte bebaut ginn?

6. Wat erkläert, datt och dës Transaktioun vum Ëmweltministère – trotz dem Rot vun der Madamm Ëmweltminister – net fir gutt fonnt ginn ass?
7. Wéi war d'Koordinatioun am Ministère an dësem Dossier?
8. Waren e puer Persounen oder Zerwisser bedeelegt?
9. Gëtt et am Ministère keng Ofsprooch driwwer, wéi esou en Dossier ze behandelen ass?
10. Gëtt et eng Koordinatioun mam Ministère, dee fir Mënsche mat Behënnerung do ass, fir iwwert de Wäert an d'Noutwennegkeet vun esou engem soziale Projet – an d'Fro op hien d'"Utilité publique" ass – ze diskutéieren, oder trëfft den Ëmweltministère eleng esou Decisiounen, déi och d'Intressië vun anere Ministère beréieren?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**